



COVID am Prisong

De Méinden 22/11/2021 sinn d'Prisonéier informéiert ginn, dass de ‚*confinement partiel*‘ zu Schraasseg bis de 07/12/2021 verlängert gëtt¹.

Dozou hu mir Folgendes ze bemierken :

- 1) **Impfcampagne:** Am Mee 2021 hat eng éischt Impfcampagne am Prisong kee ganz grouse Succès: nëmmen 35 Prozent vun den 526 Prisonéier haten sech deemools impfen gelooss.

Dem Serge Legil no², war de Grond fir dësen niddregen Taux folgenden: *“Viele Insassen waren skeptisch gegenüber dem Impfstoff AstraZeneca, da das Aufsichtspersonal selbst noch nicht geimpft war.“*

6 Méint méi spéit muss ee sech d'Fro stelle wat an der Tëschenzäit ënnerholl gouf fir d'Prisonéier iwwert d'Impfung opzeklären? Mier gesin d'Sensibilisierung als fundamental fir d'Impfbereitschaft ze erhéijen.

Et ass ee Recht³ vun de Prisonéier dee selwechte Choix vun den eenzele Vaccinen ze hunn wéi d'Leit dobaussen - dat selwecht Recht gëllt och fir d'Boosterimpfung.

- 2) **CovidCheck-System:** An ville Betriber a staatlechen Administratiounen ass de CovidCheck obligatoresch fir all déi Persounen wou an déi Gebaier era kommen.

Am Prisong zu Schraasseg ass dëse CovidCheck am Moment just obligatoresch fir d'Famill a Frënn déi op Visitt bei ee Prisonéier kommen.

De Serge Legil huet d'lescht Woch am RTL-Interview⁴ gesot: *“D'Prisongsverwaltung huet sech géint e generelle CovidCheck-System decidéiert, well en an der Praxis schwéier ëmzesetze wier.“*

Mir verstinn net firwat just d'Visiteuren (déi hannert enger Plexiglaswand sëtzen) ee CovidCheck musse maachen a soss keen!

Mir wollten hei froen ob et net méi sécher wier fir an der ugespaanter Situatioun de CovidCheck-System am Prisong zu Schraasseg obligatoresch ze maache fir all Persoun déi an de Prisong era kënn?

¹ De 29/11/2021 besteet d'Méiglechkeet verschidde Restriktiounen nei ze considéieren.

² <https://www.wort.lu/de/lokales/immer-mehr-geimpfte-in-den-gefaengnissen-60a7be47de135b9236e93923>

³ Règle pénitentiaire européenne N° 40.3 Les détenus doivent avoir accès aux services de santé proposés dans le pays sans aucune discrimination fondée sur leur situation juridique

⁴ <https://www.rtl.lu/news/national/a/1818807.html>

- 3) **Spidolswäscherei:** Eisen Informatiounen no, war een éischte Cluster an der Spidolswäscherei. An dëser Buanderie kënt (kontaminéiert?) Wäsch aus de Spideeler a gëtt am Prisong gewäsch.

Mir wëlle wësse wat fir speziell Schutzmoosnamen ergraff gi si fir d'Prisonéier aus der Spidolswäscherei ze schützen.

An dësem Kontext wier et wichteg wann d'ITM (Inspection du Travail et des Mines) dës Mesuren op der Plaz kéint kontrolléieren.

- 4) **Masken + Desinfektioungel:** Eisen Informatiounen no hunn d'Prisonéier nëmmen 1-2 Masken aus Stoff krut. D'Prisonéier mussen och adequat Masken (Quantitéit + Qualitéit) zur Verfügung gestallt kréien.

Aus Sécherheetsgrënn wier et net méiglech de Prisonéier Hand-Desinfektioungsmëttel zur Verfügung ze stelle – et fënnt sech sécher e Wee dës sanitär Moosnam am Prisong ëmzesetzen.

Christian Richartz
President

Gregory Fonseca
Trésorier

ERAN, ERAUS
... AN ELO?

www.eran-eraus-an-elo.org